



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7071 vum 25. Oktober 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.

Wat ass déi genee Ursaach vun dëser Vitessreduktioun?

Während enger routineméissegger Bréckeninspektioun vun der zoustänneger Divisioun bei der Stroossebauverwaltung den 11. Oktober 2022 ass festgestallt ginn, dass sech verschidden Elementer vum Réckhalsystem (Gelänner) an engem staark degradéierten Zoustand befannen. Well dëst ee Sécherheitsrisiko bei héije Geschwindegkeeten duerstellt, ass kuerzfristeg déi maximal erlaabte Geschwindegkeet ob der betraffener Plaz, dem Viaduc Ditgesbaach, op 50 km/h a béide Richtunge reduzéiert ginn.

Vir d'Geschwindegkeet hannert dem Viaduc Ditgesbaach an Richtung Lëtzebuerg ze harmoniséieren, an ze verhënneren dass d'Geschwindegkeet tëschent dem Viaduc an dem Radar ob kuerzer Distanz vu 50 km/h ob 90 km/h an dann op 70 km/h ännert, ass ob dësem kuerzen Zwëschenstéck vu ronn 500 Meter, d'Geschwindegkeet vun 90 km/h op 70 km/h reduzéiert ginn.

Dat selwecht gëllt an der Approche vun dem Viaduc Ditgesbaach a Richtung Fridhaff. Hei gëllt hannert dem Radar, wou normalerweis 90 km/h erlaabt sinn, temporär ob ronn 500 Meter, just nach 70 km/h.

Wat fir Aarbechte sinn de Moment geplanzt?

D'Aarbechte vir d'Ersetze vun den Elementer hunn an den Nuechten no der Inspektioun ugefaangen. Aus Materialmangel konnten dës awer zu dem Moment net direkt fäerdeg gestallt ginn. Dowéinst hunn an der 46. Kalennerwoch weider Nuetsaarbechte stattfonnt.

Dës Aarbechte konnten dunn an der nämmlecher Woch ofgeschloss ginn, sou dass déi temporär Vitesslimitatiounen um Viaduc Ditgesbaach, wéi och op dem Segment tëschent dem Viaduc an dem Radar, nees opgehewe ginn.

Wou ass de Projet vun der Erweiterung vun der B7 drun?

Am Moment gëtt den Ausschreibungsdossier virbereet. Allerdéngs sinn nach verschidden Emprise net gekläert an den Dossier fir d'Ëmweltgeneemegung muss nach ugepasst ginn. Dëst huet zur Folleg, dass een elo nach keen Datum fir den Ufank vun den Aarbechte kann uginn.

Lëtzebuerg, 1. Dezember 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch